

(Interruption par Mme Lydie Polfer)

Madamm Polfer.

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Jo, Här Präsident, ech hätt gären hei en Avis juridique, well ech mengen net, datt dat do richtig ass. Ech soen Iech och firwat.

M. Claude Wiseler, Président | Ok.

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Well hei ass jo kee Conflit personnel. Hei ass jo kee perséinleche Konflikt. Soss ka keen heibannen, dee Staatsbeamten ass, nach eng Kéier matstëmme, wann de Punkt wäert gehéicht gëtt!

(Brouhaha)

Da ka keen, deen am Conseil d'administration ...

(Interruptions)

Nee. Ech ginn Iech e puer Beispiller.

Luxtram ass eng SA, déi zu zwee Drëttel Staat, een Drëttel d'Stad Lëtzebuerg ass, wou e puer eminent Membere vun dëser Chamber dräsetzen, wou keen e perséinlechen Interêt drun huet. An am Conflit d'Intérêts gëtt jo – an deene Jurisprudenzen, déi ech kennen an un déi ech mech erënneren – ganz kloer den Énnerscheid gemaach, wann een e Conflit d'Intérêts personnel hätt.

Ech huelen elo dat heite Beispill: Wann d'Madamm Beissel géif à titre personnel an dem Conseil d'administration vun der SNHBM sëtzen, da wier dat natierlech wouer. Mee si sëtzt net do an hirem perséinlechen Numm! Et ass net d'Madamm Simone Beissel, déi do sëtzt. Et ass de Verrieder vun der Stad Lëtzebuerg, deen do sëtzt! Sou wéi a villen anere Gremien!

Dofir – mäi Gott! –, maacht et elo sou! Mee ech fannen dat do ..., well dat do geet vill, vill, vill méi wäit! Dat sinn der immens vill: Syvicol, CGEDIS ... Dat si lo mol déi éischt, déi mer an de Kapp kommen – awer nach vill aner.

Also, wann een den éffentlechen Interêt vertritt an net e perséinlechen, da kann dat do net stëmme! Mee kommt, mir ginn eis en Avis juridique! Kommt, mir ginn eis en Avis juridique, an aller Rou!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Polfer villmools Merci. Dat ass effektiv fir eise gudder Funktionement heibannen eng wichteg Fro. A mir wäerte fir déi nächst Sëtzung vum Bureau en Avis juridique ufroen, datt mer sécher sinn, wat mer alles maachen en matière de conflit d'intérêts, well domat spille mer net!

Par contre proposéieren ech awer elo hei, datt mer dee Vott widderhuelen, schonn eleng fir kloer an daitlech op dësem Projet ze sinn, an datt mer keng Schwierigkeet maachen, weeder eis nach der Madamm Beissel.

Da géif ech proposéieren, datt mer déi Ofstëmmung elo widderhuelen. Da si mer op jidde Fall korrekt. Den Avis juridique, dee kritt Dir dann, an da wësse mer sécher Bescheid fir déi nächst Sëtzung. Ech maachen domat de Vott op.

(Interruptions)

Mir klären dat, datt mer sécher sinn. Dofir brauche mer lo net hei driwwer ze diskutéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8327 et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen de Vott nach eng Kéier op.

(Interruption)

Dir hutt keen Accès? Ok.

Dann ass d'Resultat: 58 Jo-Stëmme, mat engem Apparat, deen do net funktionéiert. Dat heescht, 59 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm a keng Enthaltung. Domet ass de Projet eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Max Hengel), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emilie Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusti Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech ginn dovunner aus, dass d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gëtt.

(Assentiment)

Dann ass dat decidéiert.

Ech soen Iech Merci, datt mer dat elo en bonne et due forme konnte maachen. An, wéi gesot, mir kommen op déi juristesche Fro nach eng Kéier zesummen zréck.

9. 8276 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten. Dat ass de Projet de loi 8276, eng Ofännerung vun der Steuerbonifikatioun am Kader vun der digitaler, ekologescher an energiegescher Transitioun vun de Betriber. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an deemno folgendenmuossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 15 Minuten, d'CSV huet 31 Minuten, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng 10, d'Piraten 10, déi Lénk 10 an d'Regierung huet 15 Minuten. Et hu sech elo schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, et ass un Iech.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här Präsident, léif Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmme, geet zeréck op de Solidaritéitspak 2.0 aus der Tripartitt vum September 2022. Et geet drëm, fir Betriber ze ënnerstëtzen an der ekologescher an energiegescher Transitioun an an der digitaler Transformatioun. Fir dëst Zil ze erreechen, gëtt d'Bonifikation d'impôt pour investissement reforméiert.

Dëse Gesetzesprojet huet net nëmme e groussen Impakt op PMEen a grouss Betriber, en ass och

wichtig fir d'Erreeche vun eisen nationale Klimaziler, sou wéi se am PNEC arréiert sinn. Am Koalitionsaccord fir d'Joren 2023 bis 2028 ass virgesinn, d'Betriber ze ënnerstëtzen, wa se an d'nohalteg an digital Transitioun investéieren. An dofir soll de Regime vun der Steuerbonifikatiounen iwwerschaaft ginn.

Den aktuelle System vun der Bonifikation d'impôt gesäit Follgendes vir:

Et gëtt engersäits eng Steuerbonifikatioun pour investissement complémentaire. Hei gëtt gekuckt, wat e Betrib am Duerchschnitt an de leschte fënnf Joer investéiert huet. Op dësem Betrag kritt dee Betrib, dee méi investéiert huet wéi dësen Duerchschnitt, eng Steuerbonifikatioun vun 13 %.

Dës Bonifikation pour investissement complémentaire gëtt awer mat dësem Gesetzesprojet ofgeschafft.

An da gëtt et andersäits eng Steuerbonifikatioun fir Investissement global. An dës Bonifikatioun gëtt reforméiert.

Aktuell kritt e Betrib 8 % Steuerbonifikatioun op engem Betrag bis 150.000 Euro, wann en a Biens amortissables corporels investéiert. Fir e Betrag iwwer 150.000 Euro gëtt et just nach 2 %. Alles, wat Betribskäschte sinn, also Dépenses d'exploitation, sinn ausgeschloss vun der Steuerbonifikatioun.

An dës Bonifikation pour investissement global gëtt, wéi gesot, reforméiert.

Beim neie System falen Tranchen ënner an iwwer 150.000 Euro ewech an et gëtt nach just de ganze Betrag gekuckt.

D'Steuerbonifikatioun geet och vun 8 % op 12 % erop. Am Fall vun Investissementer an Immobilisations, déi ënnert den Amortissement spécial vum Artikel 32bis vum Steiergesetz falen, geet d'Steuerbonifikatioun op 14 % erop. A wann a Logicieller investéiert gëtt, gëtt et an Zukunft och 12 % Steuerbonifikatioun.

Déi grouss Neierung mat dësem Gesetzesprojet ass, wann e Betrib an d'digital Transformatioun oder d'ekologesche an energiegesche Transitioun investéiert, a sougenannt Biens amortissables corporels, da kënn zu den 12 % de base nach eng Kéier zousätzlech eng Steuerbonifikatioun vu 6 % derbäi. Deemno kann e Betrib duerch dat neit Gesetz eng Steuerbonifikatioun vu bis zu 18 % kréien.

Zousätzlech kann e Betrib an Zukunft och d'Dépenses d'exploitation, also d'Betribskäschten, geltend maachen. Dëst ass awer nëmme de Fall, wann dës Dépenses d'exploitation a Relatioun sti mat den Investissementer an d'digital Transformatioun oder d'ekologesche an energiegesche Transitioun.

Am Gesetzesprojet ass och definéiert, wat genee ënnert dës digital Transformatioun oder ënnert d'ekologesche an energiegesche Transitioun fält.

Fir et just ganz kuerz ze soen: Digital Transformatioun bedeit, dass e Betrib muss entweder eng nei oder wesentlech verbessert Produktiouns- an Distributionsmethod a Plaz setzen oder d'Organisatioun vum Betrib muss ëmgeännert ginn. Dat Ganzt soll natierlech duerch d'Implementatioun an d'Benotze vun nimmerechen Technologie stattfannen.

Fir dës Steuerbonifikatioun eeben an der digitaler Transformatioun oder an der ekologescher an energiegescher Transitioun ze begleeten, gëtt e System vun enger Certificatioun en place gesat; an dat ënnert dem Lead vum Wirtschaftsminister. Am Virfeld mussen d'Betriber beim Wirtschaftsminister eng Attestation d'élégibilité vun den Investissementer an den Dépenses d'exploitation ufroen, déi si wëllen an

dësem Kader maachen. De Wirtschaftsminister stellt da pro Exercice d'exploitation e Certificat aus, deem dem Betrieb Urecht gëtt op d'Steierbonifikatioun fir d'digital Transformatioun oder d'ekologesch an energieatesch Transitioun.

Här President, den Detail vun de Konditiounen, fir d'Steierbonifikatioun ze kréien, a wat eligibel ass respektiv wéi een d'Steierbonifikatioun ka geltend maachen, dat kann een a mengem schrëftleche Rapport noliessen. Et ass mir awer wichteg, drop hanzeweisen, dass dës Steuerbonifikatioun keen Abatement ass, mee datt se vun de Steieren, déi ufalen, ofgezu gëtt. Falls an engem Steuerjoer méi Steuerbonifikatioun ufällt, wéi Steieren ze bezuele sinn, da kann d'Steierbonifikatioun iwwert déi follgend zéng Steuerjore vun de Steieren ofgezu ginn.

Ech wëllt dann och zu den Aweise vun de Berufskummere kommen.

D'Chambre de Commerce steet dësem Gesetzesprojekt positiv géintiwwer a betount, dass en ënner anerem noutwenneg ass, fir d'Klimaneutralitéit am Joer 2050 ze erreechen. Si freet awer och, dass solle verschidde Prezisiounen a Klarifikatiounen a Circulären oder groussherzogleche Reglementer ageschriwwen ginn. Zousätzlech weist si drop hin, datt am Kader vum Gesetzesprojekt 8292 iwwert d'Minimalbesteuerung vun de Betriber, iwwert déi mir muer ofstëmme wäerten, d'Steierbonifikatioun aus dem haitege Gesetzesprojekt en negativen Impakt kann hunn op den Taux d'imposition effectif, andeems si den Taux effectif erofsetzt, mam Risiko, dass dësen dann ënner 15 % fält.

D'Chambre des Métiers begreist och dëse Gesetzesprojekt. Si freet awer, fir d'Prozedur mat der Attestation sur l'éligibilité des investissements et des dépenses d'exploitation souwéi de Certificat, déi alle béid vum Wirtschaftsministère ausgestellt ginn, esou einfach wéi méiglech ze maachen.

D'Chambre des Salariés erkennt d'Noutwennegkeet vun dësem Gesetzesprojekt un, mee si ass awer net domadder averstanen. Si wéisst gären, wéi vill den Déchet fiscal ass, an ob dee méi héich oder méi niddereg ass, wéi den Déchet fiscal aus dem aktuelle System vun der Steuerbonifikatioun. Ausserdeem hätt si gären eng Evaluatioun vum Impakt vun dësem Gesetzesprojekt op d'Investissementen vun de Betriber an d'igital, ekologesch an energieatesch Transitioun.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis verschidden Oppositionen formelles gemaach. Ier ech awer op déi aginn, wëllt ech drop hiweisen, dass de Staatsrot allgemeng begreist, datt mat dësem Gesetzesprojekt e System agefouert gëtt, bei deem all d'Experten aus de verschiddene Beräicher, déi d'igital Transformatioun an d'ekologesch an d'energieatesch Transitioun, mee awer och d'Steiere betreffen, an enger interministerieller Kommissioun zesummeschaffen. Dës Kommissioun analyséiert d'Demanden, déi vun de Betriber kommen.

Op der Basis vun der neier Verfassung, déi zënter dem 1. Juli vun dësem Joer a Kraaft ass, gëtt dës Kommissioun awer net méi iwwer e Gesetz geschaaft, mee iwwert de Règlement interne vun der Regierung. Domadder gëtt der Opposition formelle vum Staatsrot Rechnung gedroen.

Des Weidere ginn d'Certificaten, déi vum Wirtschaftsminister augestallt ginn, an Zukunft bindend fir de Steuerbüro. Och dëst war eng Opposition formelle vum Staatsrot.

Falls e Betrieb e Certificat vum Wirtschaftsminister sollt refuséiert kréien an dowéinst virun d'Verwaltungsgericht geet, da gëtt de Betrieb provisoresch besteiert, bis d'Verwaltungsgericht tranchéiert huet. Heimadder gouf och dem Staatsrot senger Opposition formelle Rechnung gedroen.

Eng lescht Opposition formelle huet de Montant vun 20.000 Euro betraff, deem am ursprünglechen Text als Mindestbetrag virgesi war, fir kënne an de Genoss vun dëser Steuerbonifikatioun ze kommen, am Kader vun der digitaler Transformatioun an der energieatescher an ekologescher Transitioun. De Staatsrot huet keen objektive Grond gesinn, fir dës Limitt anzeféieren. An dëse Mindestbetrag gouf aus dem Gesetzesprojekt gestrach. Och beim Avis vum Staatsrot verweisen ech fir weider Detailler op mäi schrëftleche Rapport.

Ofschléissend soen ech alle Bedeelegten e grouesse Merci, dass mir dëse Gesetzesprojekt haut stëmme kënne an ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech wëllt awer nach ee Moment stoe bleiwen, well ech wëllt nach eng Motioun ofginn. Dat ass ...

(Interruption)

Jo, ech si fäerdeg mat mengem Rapport.

(Hilarité)

Ech hunn den Accord vu menger Fraktioun ginn. Voilà, dat ass domadder ofgeschloss.

Dann dinn ech net d'Kap of, well ech di keng Kap un, mee ech wiesselen dann eng Kéier.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Jo, mee lo huet d'Madamm Adehm dann d'Wuert als Riednerin vun der CSV. An ech obligéiere se net, sech nach eng Kéier setzen ze goen an dann zrëck ze kommen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Dir hutt also elo d'Wuert als Riednerin vun der CSV-Fraktioun.

Discussion générale

Mme Diane Adehm (CSV) | Voilà! Dofir soen ech och: Ech ginn den Accord. Ech soen Iech alleguete Merci an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun. Dat hunn ech jo dann domadder gemaach.

An da wëllt ech awer als mandatéiert Spriecher in vun der CSV nach eng Motioun ofginn, déi och vu sämtleche Fraktiounen hei an der Chamber ënnerschriwwen ginn ass, ausser vun déi Lénk. Déi hu se elo net matënnerschriwwen.

Ëm wat geet an där Motioun? Et geet ganz einfach drëm, fir d'Regierung opzufuerderen, fir innerhalb vun dräi Joer, eng Evaluatioun vun dëser neier Steuerbonifikatioun ze maachen, fir einfach ze kucken, wat se bréngt, wat se net bréngt. Well dat och a verschiddenen Avisen ugeklongen ass an de Minister och gesot hat, dass e bereet wier, fir op deem dote Wee ze goen. Duerfir wëlle mer en da mat där heiter Motioun drun erënneren, dass en dat och net vergësst.

Voilà, merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *considérant le projet de loi n° 8276 qui prévoit la réforme du régime de la bonification d'impôt pour investissement ;*

– *saluant que le projet de loi envisage de favoriser les investissements des entreprises dans la transformation digitale ainsi que dans la transition énergétique et écologique ;*

– *constatant qu'il résulte de la fiche financière accompagnant le projet de loi n° 8276 que :*

- *l'impact budgétaire général de la bonification d'impôt pour investissement devrait rester constant, d'une part, et*
- *pour le cas où des éventuelles répercussions budgétaires se présenteraient néanmoins, celles-ci ne se matérialiseraient qu'à partir de l'année budgétaire 2025, d'autre part,*

invite le Gouvernement

– *à présenter à la Chambre des Députés au plus tard 3 ans après la mise en vigueur de la loi une évaluation du nouveau système de la bonification d'impôt pour investissement ;*

– *à analyser les effets du nouveau régime fiscal sur le budget de l'État et sur l'évolution du nombre d'entreprises ayant bénéficié de ce régime.*

(s.) Diane Adehm, Sven Clement, Franz Fayot, Patrick Goldschmidt, Fred Keup, Sam Tanson.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm, fir Äre schrëftlechen a mëndleche Rapport. An domat hutt Der dann och als Riednerin vun der CSV scho geschwat. Da kommen ech also op deem nächste Riedner. Dat ass den Här Patrick Goldschmidt. Här Goldschmidt, Dir hutt d'Wuert.

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Politick muss ee Prioritéite fixéieren. Et muss ee sech als Gemeng oder als Staat decidéieren, wéi eng Sujete méi dringend sinn, an da muss een och handeln. Dat geschitt mat dësem Gesetzesprojekt, deem un Solidaritéitspak 2.0 berout, also eng breet Zoustëmmung fonnt huet, an dee gläichzäiteg dem Energie- a Klimaplang gerecht gëtt.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

D'Demokratesch Partei huet sech fir dës Ännerungen och am Kader vun de Wälen engagéiert. Mir sinn nämlech der Iwwerzeugung, dass den ëffentleche Secteur déi grouss Erausforderunge vun onser Zäit net eleng ka meeschteren. Dofir musse mir d'Betriber, de private Secteur, mathuelen. Mat steierleche Mesüeren, wéi der Bonification d'impôt, vun där mir hei schwätzen, suert d'Politick dofir, dass substanzuell a strukturell méi an déi Domänen investéiert gëtt, déi noutwendeg sinn, fir Lëtzebuerg fit fir d'Zukunft ze maachen.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Jo, Investitiounen an d'Digitaliséierung, d'Energie an d'Ëmwelt sinn onëmgänglech, fir Lëtzebuerg op d'Zukunft virzubereeden. Wa mir steierlech Mesüere proposéieren, dann ass dat net just, fir déi bestoend Betriber am Land ze ënnerstëtzen, nee, eis Steuerlandschaft ass och e wichtegen – bei Wäitem net deem eenzegen, mee e wichtegen – Deel vun der Attraktivitéit vun onsem Land.

Wa mir d'Steieren op den Aktivitéiten, déi mir encouragéiere wëllen, erofsetzen, da kënne mir sou och konkret nei Entrepreneuren op Lëtzebuerg unzéien: Entrepreneuren, déi qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplaze schafen; Entrepreneuren, déi eis erlaben, eis ambitiéis Ziler ze erreechen; Entrepreneuren, déi Steiere bezuelen an onsen Tissu économique diversifiéieren.

Ech wäert d'Erklärung vum der Madamm Rapporterin net nach eng Kéier widderhuelen, ma erlaabt mir ze soen, dass meng Fraktioun et ausdrécklech begreist, dass elo och Betribskäschtchen vun der Bonification d'impôt couvréiert ginn. Dat ass e ganz wichtege Schratt, fir d'Betriber an der Transitioun matzehuelen an och wierklech iwwergräifend ze stäipen.

An dësem Sënn wëll ech och ënnersträichen a begreissen, dass déi nei Bonification d'impôt op d'Investitiounen an d'Betribskäschtchen, betreffend dat Digitalt, d'Energie an d'Ekologie, op 18 % eropgesat gëtt.

Ech hu virdru gesot, datt d'Mesüeren aus dësem Projet de loi op engem Konsens berouen, vu dass se am Solidaritéitspak 2.0 mat abegraff sinn. Doriwwer

eraus wëll ech awer och ënnersträichen, dass, wéi et scho gesot ginn ass, d'Chambre de Commerce de Projet de loi begréisst. Si gesäit dës Initiativ effektiv als ee Schlësselstéck, fir déi digital, ekologesch an energiegesch Transitioun ze realiséieren. D'Chambre des Métiers huet hir Ënnerstëtzung jo och ginn. An d'Chambre des Salariés erkennt d'Noutwendegkeet un, d'Wirtschaft op déi grouss Erausforderunge vun dëser Zäit virzubereeden. Si stellt awer d'Fro vum Déchet fiscal.

Erlaabt mir awer, hei op dëser Plaz nach eng Kéier ze widderhuelen, dass een an der Politick muss Prioritéiten definéieren a se dann och ëmsetze muss. Jo, a wann een dat wëllt maachen, dat kascht, mee d'Konsequenze vun engem onkontrolléierte Klimawandel an enger geschiedegter Ëmwelt kaschten nach vill méi.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. Patrick Goldschmidt (DP) | An dësem Zesammenhang muss ech awer fairerweis vis-à-vis vun de Betriber soen, datt duerch d'Ewechfale vun der Bonification d'impôt pour investissement complémentaire eng Partie Betriber wäerten am neie System manner Bonifikatiounen kréien. Dofir ass et och wichteg, fir zousätzlech steuerlech Erliichterunge fir d'Betriber an Zukunft virzugesinn.

Eng lescht Remark betrëfft d'Simplification administrative; och am Avis vum Staatsrot ugeschwat. Do gëllt et opzepasst an an Zukunft ze evaluéieren, ob d'Betriber net ze vill administrativ Hürden ze erfëllen hunn, éier se an de Genoss vun dëser Bonifikatioun kënnen kommen.

Déi breet gesellschaftlech a politesch Zoustëmmung ronderëm d'Tripartittmesure sinn eendeiteg. Ech freeë mech, dass dës wichtege Projet déi néideg Zoustëmmung fënnt an dass mir an deem selwechten Esprit weider konkret kënnen derfir suergen, dass den ëffentlechen an de Privatsektor a puncto Digitales, Energie an Ekologie un engem Strang zéien.

Ofschléissend ginn ech dann den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Goldschmidt. An da wier et um honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Jo, also, ech géif gärten ufänken domat, fir dës Projet hei ze begrëissen. Et ass effektiv e Projet, deem ech nach d'Éier hat, selwer am Summer mat der fréierer Finanzministesch ze presentéieren. E Projet, deem effektiv op d'Tripartitt vu September 2022 zeréckgeet a wou mer am Fong effektiv d'Betriber encouragéieren, fir an déi duebel Transitioun ze investéieren iwwert dës Bonification d'impôt pour investissement.

Mir hunn d'lescht Woch hei iwwert d'COP28 geschwat. Mir hate gescher en Echange mam Kommissär Nicolas Schmit iwwert de Programme de travail vun der Europäescher Kommissioun fir dat kommend Joer. An et ass kloer, dass mer effektiv méttendra sinn an där Transitioun – déi een allgemeng „déi duebel Transitioun“ nennt: ekologesch an digital – an dass mer an deem Kontext all d'Instrumenter mussen aktivéieren, fir déi Transitioun och ze acceleréieren. Well – an dat ass eng vun deene grouss Konklusiounen vun der COP28 – d'Zäit leeft eis e bësse fort. An dofir ass effektiv all Instrument gutt, mat deem mer dee Mouvement do kënnen acceleréieren.

Dat ass och hei bei dësem Instrument sou. D'Rapportrice huet dat gutt erkläert. Mir simplifiéieren et engersäits, a mir maachen et méi cibléiert op déi duebel Transitioun: ekologesch an digital. Dat Eenzecht, mengen ech, wat wichteg ass – et soll een et och nach eng Kéier soen a mir haten déi Diskussioun och schonn an der Kommissioun –, dat ass, dass mer dat hei wierklech och reegelméisseg mussen justéieren. Mir mussen kucken, wéi dat Instrument hei gräift. An deem Kontext begrëissen ech och déi Motioun, déi hei eragi ginn ass, déi ech och mat ënnerschriwwen hunn, dass mer dat hei, wéi gesot, evaluéieren an och adaptéieren, wann et muss adaptéiert ginn.

Et gëtt eng Rei Beräicher vun eiser Ekonomie, déi fir de Moment net hei dra sinn. Ech hat d'Logistik genannt. Dat ass och ee Sektour, wou et e rësege Besoin gëtt vun Investissementer, wou d'Technologien evoluéieren, a wou ee sech, mengen ech, an Zukunft soll froen, ob een do net d'Bonification d'investissement méi grouss soll opmaachen, fir och de Logistiksektor méi staark nach ze bezouschossen a fir och deem ze accompagnéieren an där Transitioun, wou en och dran ass. An et gëtt sécher och nach anerer, déi een an Zukunft vläicht hei wëll mat eranhuelen a wou een déi Bonification d'impôt méi breet wëll opmaachen. An dofir géif ech de Finanzminister och invitéieren, dat ze maachen.

Mir hunn national Instrumenter, wéi d'Bonification d'impôt. Mir hunn och natierlech europäesch Instrumenter wéi déi europäesch IPCEIen, Important Projects of Common European Interest, wou mer eis mat abréngen. Mir hunn natierlech och eng Rei aner Instrumenter, déi iwwert déi lescht Jore verabschit gi sinn: den Net Zero Industry Act – d'Antwort op den amerikaneschen IRA –, awer och natierlech all déi Mesuren, déi no der Pandemie geholl gi sinn, wou och Investissementer dra virgesi sinn.

Mir hunn och an deem Kontext – an ech géif dat hei och gär mentionéieren – e weidere Projet de loi, deem ënnerwee ass. Dat ass de Projet de loi 8314, wou et geet ëm deem neie Régime d'aides environnement a Régime d'aides RDI. Dat ass eng Adaptatioun op déi europäesch Block Exemption. Do si mer an deem selwechte Kontext, well am Endeffekt geet et drëm, fir d'Betriber dozou ze kréien, ze investéieren an Innovatioun, a Recherche, awer och an déi ekologesch Transitioun.

An dësem Projet de loi gi mer och nei Weeër, notament iwwer Appels à projets, wou mer kënnen a strateegesch Beräicher, déi wichteg si fir eis Diversification économique, wéi zum Beispill d'Decarbonisation, d'Kreeslafwirtschaft, d'Industrie 4.0, Santéstechnologien, méi cibléiert Appel-à-projekte maachen an dann eeben och op eng méi effikass Aart a Weis ëffentlech Gelder an déi Secteuren do hindraienéieren.

Do kënnen och Cofinanzementer gemaach gi mat Rechercheinstituter. Et kënnen Infrastrukture gebaut gi fir Essaien an Experimentéierung, och fir Kleng- a Mëttelentreprisen. An an deem Projet de loi gëtt et och méi eng héich Intensitéit vun Aidé fir verschide Projeten, déi an déi Richtung ginn, wou mer se gär hätten – nach eng Kéier: Kreeslafwirtschaft, Efficacité énergétique, Digitaliséierung.

Wéi gesot, dat ass e Projet, dee sech an dee selwechte Beräich wéi déi Bonification d'impôt pour investissement hei areit an deem och scho vun der viregter Regierung lancéiert gouf. Ech mengen, hei si mer eis eens, dass mer dee Mouvement mussen weider maachen, dass mer och do mussen nach méi an Zukunft maachen, well d'Besoinen, wéi gesot, enorm sinn.

An, Här Minister, wann et an déi Richtung geet, da kënnt Der och do op de Support vun der LSAP-Fraktioun zielen an deem Kontext. Voilà, dat gesot, géif ech gärten heizou och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Fayot. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et huet och wéineg Wäert, elo alles dat ze widderhuelen, wat hei gesot ginn ass, wat ganz richteg ass. Domadder langweile mer d'Leit just. D'Zäit, déi ass wäertvoll, dofir maache mer schnell.

Mir begrëissen dës Projet, deem zeréckgeet op e Konsens an der Tripartitt, deem an der Chamber hei esou ofgestëmmt ginn ass.

An elo erlaabt mer do eng kleng Remark ze maachen. Ech wëll am Fong dorun erënneren, dass déi Decisiounen, déi am Solidaritéitspakt ëmgasat gi sinn, déi Resultater vun der Tripartitt, déi sinn ugeholl ginn. Dat ass net eng Decisioun gewiescht vun der Regierung, mee dat ass eng Decisioun vun der Chamber! Dat gëtt oft dobauss vergiess. An ech mengen, et muss een dat kloer dobaussen de Leit och soen: D'Chamber decidéiert dat, an d'Chamber hält dat un.

Mir hunn dat hei matgestëmmt. Natierlech stëmme mer dann och dat heite mat. De Sënn dovunner ass jo och gutt. A bei enger Tripartitt, do solle jo och net nëmmen déi schaffend Leit gutt derbäi ewechkommen, mee och d'Betriber solle sou wäit wéi méiglech gutt derbäi ewechkommen. An da fuere mer gutt zesammen hei am Land.

Ech soen Iech alleguerte Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Keup. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci, Här President. Et ass schonn ugeklongen: Et handelt sech hei ëm en extreem wichtege Bausteen an der digitaler an an der nolahalger Transformatioun vun eiser Ekonomie. Dësen Text geet, wéi gesot, op déi viregt Regierung zeréck, op de Solidaritéitspakt 2.0. A mir wäerten deem natierlech och matdroen.

Wisou ass evident. Mir hunn eis nach ëmmer staarkgemaach fir Investitiounen an d'Zukunft vun eisem Land an, natierlech virop, wann et drëms geet, eng klimapositiv Politick ze maachen, eis Klimaziler ze errechen. Dofir brauche mer d'Biergerinnen an d'Bierger hei am Land an naiterlech och ons Entrepreneuren.

An de Projet hei erweidert d'Méiglechkeeten, fir vu Steiervirdeeler ze profitéieren, wann een nolahalger oder digital Investitiounen tätég oder eeben Exploitationsfrais huet. Dat ass nei. Meng Virriedner sinn dorobber agaangen. An dat ass natierlech och positiv.

Mir wëllen op där enger Säit ons Betriber, déi an d'Digitaliséierung an an d'Nolahalgekeit investéieren, stäerken, an op där anerer Säit soll dat Ganzt awer och e positiven Impakt hunn op déi Wirtschaftssektoren hei am Land, déi grad an deenen dote Secteuren tätég sinn an déi sech eeben op d'Entwécklung vun der Nolahalgekeit, vun der Digitaliséierung och spezialiséiert hunn.

A laut Eurostat, dat kann een och am Avis vun der Chambre des Salariés noliesen, gesäit een, datt mer awer net grad zu de Virreider gehéieren en termes

vun Investitiounen vum eisen Entrepreneuren hei am Land. Dat mussen mer änneren. Et ass e Kompetitivitätsfaktor, et ass en Nohaltegkeitsfaktor. An dafir ass dat hei eng extreem gutt Mesur.

Ech komme vläicht och nach kuerz och op déi Opposition formelle vum Staatsrot zréck, dee jo gesot huet, dass déi Limit vum 20.000 Euro, déi ausgeklammert waren ..., also all d'Investitiounen ënner 20.000 Euro, déi ausgeklammert waren am initialen Text, wat den ongläichen Traitement sollt duerleeden ...

D'Erklärung, déi ursprüngelech vum der Regierung beim Depot gi war, dat war, dass doduerch eeben d'Verwaltungsvergütung, d'Chargen ze héich wäeren. An dat huet de Staatsrot zu Recht, géif ech soen, net gëlle gelooss, mam Argument, dass et jo grad géif dréms goen, dass hei all d'Betriben an deem Transformationsprozess solle matgeholl ginn. D'Regierung huet dann och de Choix gemaach, dës Ongläichheeten erauszestrichen. Dat ass extreem positiv, well et nämlech och grad kleng Betriben erlaabt, méi kleng Investitiounen steierlech ofzesetzen.

Natierlech ass dat awer och elo annexéiert mat enger méi grousser Erausforderung, déi dann déi ass, dass och genuch Manpower zur Verfügung gestallt gëtt, fir dass all déi Dossieren – an där kéinten et der elo bedeitend méi ginn, duerch eeben d'Ophiewe vum där Limit vum 20.000 Euro – awer nawell séier kënnen traitéiert ginn. Et ass och ugeklungen: Et ass en neie Mechanismus, deem eeben elo agefouert gëtt mat enger Certificatioun, déi da ka bei der Steuererklärung bäigefügt ginn.

Mee fir dass et funktionéiert, muss och deem Accord séier kommen. An d'Entreprise muss séier wëssen, wou se dann och drun ass. Dofir, Dir hutt Iech ..., d'Ministèren hu sech engagéiert, fir, wann et misst sinn, déi néideg Manpower zur Verfügung ze stellen. An alternativ kënnst Du jo hei vläicht schonn Äre Prinzip vum „Silence vaut accord“ aféieren, wann et soss net séier genuch gëtt.

D'Fro, déi sech natierlech elo stellt, ass déi vum Käschtepunkt vum der Mesur insgesamt, an dem Zousatzkäschtepunkt natierlech och vum deem Opmaache vum den Investitiounen an den Exploitationsfraisën ënner 20.000 Euro.

De Projet ass awer och d'Geleeënheet, an ech hat d'Fro an der Kommissioun opgeworf – ech sinn och frou, dass dat elo vum de Majoritéitsparteien als Motioun opgegraff ginn ass –, wéi dat heiten och analyséiert gëtt. An dafir droen ech déi Motioun och mat ..., droe mir se mat.

Ech hat och eng änlech Motioun préparéiert. Ech hat allerdéngs do proposéiert, dass mer géifen eng Evaluatioun no zwee Joer maachen, sou wéi Der Iech engagéiert hat an der Kommissioun. D'Madamm Adehm huet mer elo erkläert, firwat dräi Joer besser wäeren. Et gëtt Iech genuch Zäit, fir dat dann ze kucken. Mir hunn och domadder kee Problem. Dofir droe mer dann déi Motioun och mat.

D'Chambre des Salariés freet an hirem Avis, dass insgesamt déi eenzel Steuerbonifikationsmechanismen, déi mer hunn, sollen op de Leescht geholl ginn a soll gekuckt ginn, wat den Impakt dovunner ass. An ech fannen et eng ganz gutt Demarche, dass dat heiten elo bei engem ..., et ass net e ganz neie Mechanismus, mee en iwwerschaffte Mechanismus eng éischte Kéier dann och esou gemaach gëtt, well et eis wierklech soll weisen, wat de reellen Impakt do dovunner ass.

Ech hoffen och, dass et iwwert déi reng Gréisstenordnungsanalys erausgeet, dass mer eis effektiv och Gedanke maachen, ob dat Zil, wat mer eis hei setzen

– nämlech dass massiv an eng Digitaliséierung, an eng nohalteg Verbesserung vum den Entrepreneuren gesot gëtt –, och erreicht gëtt duerch sou Mesuren wéi déi heiten.

An ech erënneren och nach un d'Aschätzung vum der Chambre des Salariés, dass et insgesamt utile wier, eng grouss Transparenz iwwert den Déchet fiscal vum den eenzele Steiermesuren hei ze hunn.

Et ass e gudden Projet. Dir hutt den Accord vum deene Gréngen. Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Madamm Tanson. An als nächste Riedner steet den Här Sven Clement prett.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Et ass e bësse wéi en Déjà-vu bal, Iech erëm hanner mer setzen ze hunn.

(Hilarité)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Gesetz ass, wéi d'Kolleeginnen an d'Kolleegen et virdru gesot hunn, nach en Deel vum Tripartitt-Accord an domat vum Solidaritéitspak 2.0. Ech hunn extra nogekuckt, déi wivillt Versioun dovunner et ass; et verléiert ee jo e bësse den Iwwerbléck. Mee et ass en Deel vum Accord, dee mer definitivënnerstëtze kënnen, dat kann ech Iech direkt soen.

Et ass en Deel, deem eis Firma soll fir d'Zukunft staark maachen. Déi Mesuren, déi geholl ginn, déi – an ech schwätze bewusst vum de Mesuren, déi geholl ginn – begrësse mer. Mee: Si komme relativ spët! Et sinn, wéi gesot, wichteg Mesuren, déi d'Firma prett maache fir d'Zukunft.

Et muss een awer och soen, dass hei muss verhönnert ginn, dass eng weider onproportionell Charge op déi Firmen zoukënn. Well déi Firmen, déi eppes wëlle maachen, sollen net éiweg amgaange sinn, fir deem Dossier zesummenzestellen, deem dann herno hofentlech approvouéiert gëtt vum Wirtschaftsministère.

An ech kann Iech soen: Et ass heiansdo wierklech en ustrengende Wee, fir Dossiere fäerdeg ze maachen, wann een et mam Wirtschaftsministère ze dinn huet, wann et ëm Subside geet. Hei geet et elo ëm e Certificat. Bon, et wär also gutt, wa mer de Firmen, sou wäit et geet, géifen entgéintkommen, fir dann och sou mann wéi méiglech administrativ Aarbecht op béide Säiten ze hunn. Well et bréngt näischt, wa mer heimat eng Aarbechtsbeschäftigungsmaassnam fir Computable maachen – och wann déi natierlech frou wäere fir all Stonn, déi se méi facturéiere kéinten.

(Hilarité)

Hei war jo dann awer och ganz kloer e Versprieche vum der Regierung – an ech wäert se dorunner festhalen –, fir d'administrativ Demarchen ze vereinfachen, fir dass d'Firma gradwéi d'Biergerinnen an d'Bierger manner am Pabeier ënnerginn, wa se gären Hëllef vum Staat hätten.

Jo, da kréie mer gesot, dass soll dann iwwer MyGuichet goen oder iwwer guichet.lu goen, an da freet een de Vertrieeder vum Wirtschaftsministère an der Kommissioun an da kritt een als Äntwert: „Jo, also, mir kënnen sécher de Formulaire online setzen, fir d'Demande ze maachen, mee den Traitement hannendrun, dass ass dann awer näischt ansicht, wéi wa mer e Bréif géifen erakréien, well bis dat hei elo a Kraaft trëtt, sou séier si mer da jo awer och net prett.“ Bis weini, dat konnt en eis awer och net soen. Dat heescht, hei ass e bësse sou ... D'Biergerinnen an d'Bierger kréie virgegaukelt, dass et schonn digital géif goen, mee hannendrun setzt e Beamten, deem et ausprint an da warscheinlech an en anere Computersystem erëm aklappt. Dat ass net, wéi ech mer Digitaliséierung a Simplification

administrative virstellen! Dat heescht, hei wär eng Zousch, wéi laang et dauert, bis déi Systemer dann och ginn, sécherlech vu Virdeel gewiescht.

Mir halen dann och drop, dass dës Regierung dat Versprieche aléist an net bei deem bleift, wat hir Virgängerinne gemaach hunn. A vläicht – dat heiten ass jo e Projet, dee soll incitéieren, d'Digitaliséierung an de Betriben weiderzedreiwen –, vläicht motivéiert den nämmeleche Projet da jo och d'Regierung, dat nämmelecht ze maachen, wat se vum de Betriben gären hätt, nämlech méi séier ze digitaliséieren, d'digital Transition bei sech selwer umsetzen ze looschen an ëmsetzen. Et wär op alle Fall e flotte Gedanken, wann dat géif elo kuerz viru Chrëschttag dann ugestouss ginn.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Här President – deem, deem dann elo do setzt –, da wëlle mer als Piraten awer ausdrécklech begrëssen, dass mat deem Projet och de Carbon Capture e Finanzéierungswee kritt; en éischte Finanzéierungswee kritt, muss ee soen, well mir, d'Piraten, géifen eis wënschen, dass een do méi wäit géif goen. Mir hunn och dafir eng Proposition de loi deposéiert, déi dat ganz kloer an e Kader setzt, wou pro Tonn CO₂, déi agefaange gëtt, déi u sech recycléiert ka ginn, géif subventionéiert ginn. Domat géife mer en neie Wirtschaftssektor op Lëtzebuerg bréngen an et ass gutt, dass mer hei en éischte Schratt maachen, dass esou Projekte kënnen zu Lëtzebuerg subventionéiert ginn, well dat sécherlech e Wee ass, fir eng méi nohalteg Wirtschaftsplatz ze schafen.

D'Regierung huet jo och de Carbon Capture an hirem Koalitionsaccord ugeschwat a mir hoffen, dass dat heiten dann nëmmen en éischte Schratt an net dee leschten an déi Richtung ass an dass och weider Initiative wäerte kommen. Wéi gesot, Dir kënnst gären och eis Proposition de loi nach eng Kéier kucken a vläicht méi positiv aviséiere wéi d'Virgängerregierung.

Dat gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ginn ech eisen Accord an ech hoffen, dass d'digital Transition net nëmme bei de Betriben, mee och bei de staatlechen Administratiounen ukënn. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Clement Merci. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Also, et gouf e puermol gesot haut, dass deem heite Projet de loi ..., deem entspréngt jo engem Accord tripartite, deem zustane komm ass a wou e Projet de loi deposéiert gouf vum der viregter Regierung a wou elo en neie Projet de loi opgrond vum deem viregte Projet de loi deposéiert gouf. Et gouf dann e puermol gesot: „Jo, deem entspréngt engem Accord tripartite.“ Ech muss awer feststellen, dass d'Chambre des Salariés, dass ass jo och scho gesot gi vum der Madamm Rapportrice, u sech géint deem heite Projet de loi ass. Si ënnerstëtzen den net. Dat heescht, d'Chambre des Salariés, dass sinn d'Gewerkschaften, an ech mengen, dass si am Prinzip och en Deel vum der Tripartitt sinn. Dat heescht, dass muss een awer och feststellen, dass deem heite Projet de loi u sech net den Accord, wann ee sou wëll, vum der Tripartitt huet. An ech sinn e bësse erstaunt, dass mer awer esou e groussen Enthusiasmus hu par rapport zu deem Projet de loi, dee mir net wäerte matstëmmen.

Mir mengen och, dass mer vläicht e bësse ze vill liichtfankeng a relativ séier mat Steierausschläg hei ëm ginn. Et gëtt gesot ..., an et ass jo och eng Motioun deposéiert gi vum der CSV, déi mir zwar net ënnerschriwwen hunn – dat huet éischter mat den Invitten

ze dinn, well mir dee Projet de loi net saluéieren –, mee mir wäerten déi Motioun awer mat ënnerstëtzen, well mir net géint eng Evaluatioun sinn duerno vun deem Projet de loi, vun dem Gesetz, wann dee bis jo gestëmmt ginn ass. Mee mir haten och eng Diskussioun an der Finanzkommissioun: Et ass zur Zäit onméiglech, virauszegesinn, wat fir en Déchet fiscal do erauskomme wäert. Beim aktuelle Bonifikatiounssystem krute mer vun der Steierverwaltung gesot, datt mer bei engem Ordre de grandeur vun 200 Milliounen d'Joer géife leien. Bon, warscheinlech geet et hei elo e bëssen driwwer, vläicht och drënner, dat muss een nach kucken.

Mee op jiddwer Fall, d'Fro, déi sech stellt – well et gouf gesot, den Här Goldschmidt huet dat zurecht gesot, datt ee muss Prioritéite setzen am Liewen an an der Politick och an datt de Kampf géint de Klimawandel ganz wichteg ass; där Meenung si mer och –: Muss dat systematesch iwwer Bonifikatiounen fir d'Betriber gemaach ginn? Kann dat net och anescht gemaach ginn? Déi 200 Milliounen Déchet fiscal oder méi oder wat och ëmmer, déi Milliounen Déchet fiscal, déi mer hunn, kënnen déi net anescht agesat ginn, och wat d'Betriber ugeet, iwwert Hëllef, déi méi geziilt sinn, haaptsächlech fir méi kleng Betriber, déi wëllen tatsächlech eng Transitioun maachen, eng méi durabel Transitioun maachen? Kann een deenen net ënnert d'Äerm gräifen iwwert en anere Wee?

Ech mengen, mir soen dat och, an ënnert anerem, well awer de Soupçon vun Abusen net komplett ausgeklammert ass mat deem System vu Bonifikatiounen. Mir hunn och an der Kommissioun driwwer geschwat. Muer wäerte mer och nach déi Ëmsetzung ..., iwwert déi Minimalbesteuerung vu 15 % diskutéieren an ofstëmmen, wou een och net richtig weess, a wat fir eng Direktioun dat geet. Doriwwer wäerte mer muer diskutéieren. A prinzipiell soll deen heite System vu Bonifikatiounen jo net derzou féieren, datt mer ënnert déi 15 % wäerte falen.

Et ass awer gesot ginn, et kéinten Extreemfäll entstoen, mee et gouf gesot: „Mee dat kann een nach net sou richtig aschätzen“, an déi Extreemfäll kënnen sech vläicht och reduzéieren op een, zwee, dräi Gruppen, déi extreem grouss sinn. Dat heescht, do muss ee ganz gutt oppassen. Mir ginn e bëssen ..., on va un peu vite en besogne.

Duerno, wann ech och liesen, wat d'Chambre des Métiers seet – well mir schwätzen hei vu Klima, also Transition climatique, Transition énergétique –, d'Chambre des Métiers huet zum Beispill bedauert oder seet, warnt, datt een zum Beispill och net muss all Véhicules automoteurs ausschleissen. Dorënner kann ee sech virstellen – ech weess net, wat d'Chambre des Métiers sech wierklech dorënner virstellt –, et kann ee sech virstellen, datt d'Chambre des Métiers mengt, datt zum Beispill Elektroautoen an esou weider net sollen ausgeschloss gi fir d'Bonifikatiounen. Mee da komme mer an d'Diskussioun, ob dat tatsächlech och eng Mesure climatique ass. Dat heescht, mir kënnen och an eng Richtung goe vu Greenwashing oder datt gewësse Saachen, déi net a Wierklechkeet a Richtung vun Energietransitioun ginn, duerno als Energietransitioun ugesi ginn an datt duerno eng Bonifikatioun dorausert entsteet.

An nach zuallerlescht, muss een awer och oppassen: Mir schwätze vun digitaler Transitioun, vun Energietransitioun, vu Klimatransitioun – ech géif dat net onbedéngt ëmmer am selwechten Otemzuch nennen. D'digital Transitioun an och den CO₂-Impakt vun der Digitaliséierung sinn och eng Diskussioun, an déi zwou Saachen hunn net onbedéngt eppes mateneen ze dinn. Dat heescht, doriwwer misst een och eng Kéier diskutéieren.

Voilà, dat gesot, wäerte mer géint dese Projet de loi stëmmen, well mer der Meenung sinn, datt mer e bëssen ze séier hei zu Lëtzebuerg ginn. Et ass immens schwéier zu Lëtzebuerg, fir wierklech iwwer de PNEC ze diskutéieren, fir richtig Envergnure-Planifikatiounen ze maachen, fir d'energeetesche Transitioun, fir d'Klimatransitioun. Et ass ... Zu Lëtzebuerg geet et ëmmer relativ séier, fir duerno Bonifikatiounen fir Betriber ze maachen, fir datt se manner Steiere bezuelen, an dat gëtt dann och duergestallt, wéi wann dat eppes domadder ze dinn hätt, an do si mer relativ skeptesch, genausou wéi d'CSL och skeptesch ass, a mir wäerte jo dann och an zwee, dräi Joer gesinn, wat dat alles bruecht huet. Op jiddwer Fall si mer léiwer dergéint.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Wagner villmools Merci.

An dann ass et elo un der Regierung. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech soen der ganzer Chamber villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung, och wann déi lescht Wieder vum Här Wagner e bësse manner positiv ware par rapport zu dem Gesetzesprojet. Dat hei ass, wéi vu ville Virriedner ënnerstrach ginn ass, e wierklech wichtige Gesetzesprojet.

Richtig ass, dass en op den Accord tripartite zeréckgeet, deen, wéi och richtig ënnerstrach gouf, e large Support hei hat an der Chamber, nämlech vun der fréierer Majoritéit, mee och vun der deemoleger Oppositioun. An duerfir hu sech eng ganz Rei Moossnamen aus deem Tripartit-Accord och an dem Regierungsaccord erëmfondt. An dat hei ass eng vun deene weesentlechen. An d'Ursach ass déi, well déi Investissemente, déi geschéie fir d'Erreche vun der Klimaneutralitéit, dass de Staat déi net kann eleng bewerkstellige. An den Här Goldschmidt huet dat goldrichteg ënnerstrach, ...

(Hilarité)

... jo, dass alles dat, wat an dat Digitaal geet, alles dat, wat an d'Ekologescht erageet, an alles dat, wat an déi energeetesche Transitioun erageet, de Staat net eleng ka maachen, mee dass dat muss en Effort commun sinn, deen de Staat zesumme mat de Partner, an dat sinn an deem Fall d'Betriber, realiséiert. Dat ass eng Approche, déi dës Regierung sech op de Fändel geschriwwen huet, dat Zesummespill vun dem Staat zesumme mat den Entrepreneuren, fir déi Zilsetzungen, déi mer eis gemeinsam ginn hunn, kënnen ze errechen.

Richtig ass awer och, dass all Efforten, souwuel vun der Chamber wéi och vun dem Staatsrot wéi och vun der Regierung gemaach goufen. An den Här Clement huet gesot: „Dat huet mer ze laang gedauert.“ Also, ech wëll soen, ech sinn elo knapps véier Wochen am Amt, ech war, mengen ech, néngmol an der Finanzkommissioun, an déi Finanzkommissiounen hu méi wéi annerhalfe Stonne gedauert. Mir setzen all d'Servicer a Beweegung um Niveau vun dem Finanzministère, fir ënnert der Regie vun der Chamber kënnen am Interessi vum Land schnell reaktiv ze sinn, a wa mer dat hikeréie bis muer, mengen ech, dann hu mer net manner wéi aacht oder néng Gesetzesprojeten, déi schonns aus dem Finanzberäich an dëser Legislaturperiod ëmgesat goufen.

Et huet awer och eng aner Ursach, firwat dass mer drop gedrängt hunn, och als Regierung, fir dee Gesetzesprojet hei eranzebréngen. Firwat? Fir den Entrepreneuren Incitativen ze ginn, an dat Digitaal, an dat

Ekologescht an an dat Energeetescht ze investéieren, fir den Entrepreneuren Previsibilitéit ze ginn, well déi Dispositiounen si ganz kloer geschriwwen, fir dass ee weess, firwat dass een déi Bonifikatioun kritt a firwat dass ee se och net kritt.

An dann ass mäin Tour, fir ze soen: Jo, et ass richtig, et ass vun eenzele Verrieder ënnerstrach ginn, fir Investissemente, déi net an déi spezifesch Krittäre vun deem Gesetzesprojet falen, ass den Traitement fiscal liicht, mee sécher manner favorabel. Well et konnt ee fir eenzel Investissemente, Stand haut, 15 % Bonifikatioun kréien, a fir déi Investissemente kritt een an Zukunft nëmme méi 12 %. A well dat also an Traitement fiscal ass, dee manner favorabel ass, muss een, wann een dat wëll applizéieren op e Steuerjoer, dat ab dem 1. Januar a Kraaft hunn.

Op déi eenzel Prezisiounen aus dem Gesetzestext ginn ech net méi an. D'Madamm Rapportrice huet dat am Detail erkläert. Ech wëll just kloer soen, dass séchergestallt ass mat deem Gesetzesprojet, dass net nëmmen Entrepreneuren, déi sech ënnert der Form vun enger Gesellschaft organiséiert hunn, iwwert dës Steuerbonifikatiounen kënnen profitéieren, mee och zum Beispill en eenzel Entrepreneur, en eenzele Geschäftsmann, deen dat mécht en nom personnel, dat heescht, ouni dass en eng Gesellschaftsform ugeholl huet.

Et muss een och ganz kloer soen – an ech soen dat an aller Transparenz! –: Déi Investissemente, déi vun enger Lëtzebuerger Entreprise, vun engem Lëtzebuerger Geschäftsmann gemaach ginn, dat sinn net nëmmen déi Investissemente, déi zu Lëtzebuerg gemaach ginn, mee opgrond vun der europäescher Rechtssprechung a vun der libre Circulation vun de Services, Libre prestation de services an och libre Circulation vun de Kapitaler, fält heiderënner och eng Lëtzebuerger Entreprise, déi zum Beispill en Investissement an den europäesche Memberstaate mécht. Ech mengen, och dat soll een hei an aller Transparenz soen.

Dann ass déi Fro opgeworf ginn, ënnert anerem vun der Chambre des Salariés – den David Wagner huet sech Firsprécher dovun gemaach –: Wat ass dee budgetären Impakt do dervun? Ech wëll mech hei net op eng konkret Zuel avancéieren. Ech wëll just soen, an dat hunn ech och an der Finanzkommissioun schonn indiquéiert, dass opgrond vun dem aktuelle System den Impakt vun der Steuerbonifikatioun op ronn 200 Milliounen Euro pro Joer am Duerchschnitt ze chiffréieren ass. Dat heescht, dat ass deen, wann ee seet, Steierausschlag, deen een huet, wéi wann dee System hei net géif fonctionéieren, da wieren dat ronn 200 Milliounen Euro pro Joer. Elo muss een natierlech och wëssen, dass opgrond vun deenen Incitativen, déi bestinn, fir dass d'Leit ënnerstëtzt ginn, an dat Digitaal ze investéieren, an dat Ekologescht oder an dat Energeetescht, natierlech vill méi Investissemente gemaach ginn. Dat ass also déi Konterpartie, déi jo e Wëllen ass, net nëmme vun enger Regierung, mee en Ausdrock vun dëser Chamber.

Wéi vill Entrepreneuren falen ongeféier heiderënner? Concernéiert sinn opgrond vun de Schätzungen, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen, 7.800 Entrepreneuren. Et kéint sinn, dass hei dee Montant an d'Luucht geet, dat muss een einfach soen, an deementspreechend kéint dann och sinn, dass de budgetären Impakt méi substanzuell wier wéi déi 200 Milliounen, déi virgesi waren.

Dem Här Fayot seng Fro – ech soen him Merci fir déi Ënnerstëtzung, hien ass och méi wäit nach dodriwwer erausgangen – iwwert d'Evaluatioun: Jo, ganz kloer, mir maachen eng Evaluatioun. An der Motioun, déi d'Chambre, mengen ech, iwwer verschidde

Fraktiounen dréit, sinn déi dräi Joer virgesinn. Déi dräi Joer, firwat si se virgesinn? Majo, wann dat elo 2024 a Kraaft trëtt, da gi jo 2025 emol déi Steuererklärungen gemaach vun deem Joer 2024, an dann dauert dat jo nach eng Zäit, bis dass déi gepréift sinn a bis dann all Entreprise hir Steuererklärung eraginn huet.

Ech wëll Iech ganz kloer soe vu menger Säit hier – an ech mengen, de Wirtschaftsminister stellt dat net a Fro –: Sollten eenzel Adjustementer gemaach ginn en cours de route, si mir déi Éischt, déi éischter an d'Chamber kommen, fir ze kucken, wou eventuell Nobesserungen um System musse gemaach ginn. Dann ass den Här Fayot agaangen op de System vun der Logistik – wat richtig ass. Ech wëll awer och soen, dass d'Logistik hei net vu vireran ausgeschloss ass, well zum Beispill an der Logistik selwer, do kann och de Fierpark ënnerstëtzt ginn, wann en eenzelne Krittären entsprécht, mat bis zu 12 %. Et ass awer d'Logistik selwer, dat heescht d'Gestioun vun engem Entrepôt, wann déi iwwert déi digital Manéier geschitt, wann déi Gestioun de ganzen Entrepôt wëllt aneschtens organiséieren, jo, da kann ee bis zu 18 % kréien. An ech wëll Iech emol eng Kéier soen, wat dat ausmécht. Wann een zum Beispill e Projet hätt, sief dat en Direktinvestissement oder Betriebsausgabe vu 500.000 Euro, dann ass dat eng Steuerbonifikatioun vun 18 % vu 500.000 Euro, dat heescht, dat sinn 90.000 Euro pro Joer fir déi Entreprise, déi se net als sougenannten Abatement ..., dat heescht, wat se vun de Steiere kann ofsetzen, mee datt se carrement vun där Cote vu Steieren, déi se bezilt, kann ofzéien. Dat heescht, wann déi Entreprise zum Beispill eng Steiercote vun 200.000 Euro hätt, da ka se hei e Steierkredit geltend maache vun 90.000 Euro. Da bezilt déi also praktesch nach just d'Hallschent vun deene Steieren, déi hir ugefall sinn.

Den Här Clement huet gefrot: „Wéi séier geet dat elo vonstatten?“ Abee, Dir hutt an der Kommissioun d'Engagement vun de Leit aus dem Wirtschaftsministère héieren, dass si prett sinn, fir déi Certificatiounen en place ze setze fir all Investissement, wat ab dem 1. Januar sollt realiséiert ginn. Mir wäerten eis do selwer testen, fir d'Digitalisation beim Staat, bei sou engem konkrete Projet wéi deem hei, virunzedreiwen. Ech kéint mer virstellen, vu dass déi De-minimis-Regel vun den 20.000 Euro opgrond vun der Remark, mengen ech, vun dem Conseil d'État, ewechfält, dass ganz vill Dossierer erakommen. Abee, da muss de Staat kucken, selwer deenen Uspréck, déi e sech gestallt huet, gerecht ze ginn. An ech mengen, dat muss een zesumme maache mat deem Ministère, deen d'Digitalisation en charge huet, an dat ass an deem Fall – d'Nobearbechtung, déi geschitt iwwer de CTIE –, dat heescht, de fréieren oder och nach ëmmer jëtzege Centre informatique de l'État. Dat zur administrativer Vereinfachung.

Ech mengen, op de Gros vun deene Froen, déi gestallt goufen, sinn ech agaangen. Sollte weider Präzisiounen en cours de route néideg sinn, wäerte mer dat iwwert eng legislativ Nobesserung kënnen maachen oder, wat jo och geet am steuerleche Beräich, dat ass iwwer Circulaire vun dem Steierdirektor.

Och fir déi Froen zum Beispill, wou den Här Fayot drop agaangen ass vun der Logistik zum Beispill. Et muss ee wëssen, dass an engem Cargozerter d'Gestioun vun dem Zenter heivunner ka profitéieren, mee et kënnen och zum Beispill Aeronetten, dat heescht zum Beispill e Fliger, och heivunner kënnen profitéieren. An Dir wësst, dass dat natierlech bei de Käschte vun engem Fliger, déi vun 100 bis 200 Milliounen ginn, e gréisseren Impakt huet, an dofir och en Impakt fir d'Wirtschaftsleeschtung insgesamt hei am Land.

Dofir nach eng Kéier Merci gesot fir déi breet Zoustëmmung! An op jidde Fall vu menger Säit engagéieren ech mech, och onofhängeg vun der Motioun. An ech weess, dass ech mech un d'Motiounen – a gären u Motiounen, déi eng Majoritéit an der Chamber kréien – wäert halen, mee och en cours de route reegelméisseg Bericht mat de Servicer maachen, wat den Impakt vun dëser Moossnam ass.

Duerfir nach eng Kéier merci, Här President. Entschëllegt, dass ech e bësse méi laang war, mee ech war a menger Zäit.

M. Claude Wiseler, Président | Dir sidd an Ärer Zäit an et ass gutt, datt Der Iech un d'Motiounen haalt. Dat hunn ech mat Pleséier hei héieren. Domat ass dann elo d'Diskussion nach net ofgeschloss, well den Här Fayot nach d'Wuert freet, d'LSAP huet och nach Riedezäit.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President, och merci dem Minister, dass en op all déi Observatiounen a Froe vun den Deputéierten agaangen ass. Ech fannen dat e flotte Stil. Ech hätt just eng – ech hunn Iech gutt nogelauschert –, just eng Nofro. Dir hutt bei den Entitéiten, déi méiglecherweis heivunner kënnen beneficiéieren, dat op 7.800 geschat. Ech froe mech, ob dat ..., well mir haten d'Diskussion an der Finanzkommissioun och iwwert de Piller 2 an do hat Der op eng fréier Question parlementaire verwisen, wou effektiv de Chiffer vu 7.500 ugi gouf, an ech froe mech, ob ... Schwätze mer hei vun där selwechter Saach? Well hei, ech mengen, hei si mer jo am Kader vun der Bonification d'impôt, ech froe mech och, wéi Der dat kënn wëssen de prime abord, wat fir eng Entrepreneuren elo heivunner kënnen beneficiéieren. Gëtt et do elo keng Confusioun zwëschen deenen zwee Projeten? Well ech ka mech erënneren, dass Der an der Diskussion iwwert de Piller 2 de Chiffer vu 7.500 Entreprisen ginn hat, baséierend op enger Äntwert op eng Question parlementaire zum Piller 2. An ech wollt just kloer sinn, ob mer hei vun der selwechter Saach schwätzen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. An ech ginn dovunner aus, datt de Finanzminister wëllt eppes dozou soen.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, et ass wéi am Examen. Merci, Här Fayot. Dir hutt dat ganz richtig gesot: De Piller 2, fir déi Leit, déi net alles am Detail an der Finanzkommissioun suivéieren, dat ass d'Mindestbesteuerung vun de multinationalen Entrepreneuren, wouop mer muer zrëckkommen, wat en extreem wichtige Gesetzesprojet ass. Do steet an dem Exposé des motifs an och an deene Präzisiounen, déi, ech mengen, souguer d'Chambre des Salariés ginn huet – an déi stëmmen –, dass do ronn 7.500 Entrepreneuren oder Entitéiten vun Entreprisen concernéiert wieren zu Lëtzebuerg. Dat ass de Piller 2.

Hei, déi 7.800, wat e Chiffre sensiblement similaire ass, dat ass een, dee sech eenzeg an eleng op d'Steierbonifikatioun bezitt, an dat sinn Informatiounen, déi ech net einfach sou avancéieren, mee dat ass op Base vun deene Präzisiounen – well ech hunn dat och selwer nogefrot – vun der Steierverwaltung. Wann e Projet eligibel ass, ass et en fin de compte, dat wësst Der, herno d'Steierverwaltung, déi, wa se de Bulletin emettéiert, an et ass eng Steuerbonifikatioun, déi ee ka geltend maachen, kann eigentlech, mengen ech, statistesch relativ novollzéien, wéi vill Entrepreneuren dovunner beneficiéieren. Wéi gesot, déi 7.800 Entrepreneuren, dat ass d'Schätzung, also dat sinn d'Statistiken, déi iwwert déi vergaange Besteuerungsjoren opgelaf sinn.

Ob et der elo mat deem System méi oder manner ginn, dat weess ech net, duerfir kënnen mer och net de genaue Steuerimpakt schätzen. Mee géif ee sech op déi selwecht Moossname berouen, da kënn een op

déi ronn 200 Milliounen Euro steuerlechen Impakt, déi och an der Finanzkommissioun vun der Steierverwaltung genannt goufen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà, domat ass d'Diskussion dann elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8276. Den Text steet am Document parlementaire 8276⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8276 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 58, Nee-Stëmmen: 2, an Abstentiounen: keng. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmmen géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Max Hengel), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusti Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

Elo hunn ech nach eng Motioun hei um Büro leien, vun der Madamm Adehm ofginn, mee ech mengen, Madamm Adehm, Dir hutt se schonn erkläert, Dir wëllt jo net nach eng Kéier erklären. Wëllt een dozou Stellung huelen?

Wann dat net de Fall ass, ginn ech dovunner aus, datt mer e Vote électronique maachen, well mer hei net an der Eestëmmegkeet sinn. Da maache mer de Vote électronique doriwwer.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

An d'Resultat vum Vott ass 60 Jo-Stëmmen an natierlech domat keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Dann hätte mer och kee Vote électronique gebraucht, mee soumat ass d'Preuve dann awer ganz kloer.

D'Motioun ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par M. Marc Lies), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Pölfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

10. 8344 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

Elo komme mer dann zum nächste Punkt um Ordre du jour vun dëser Sëtzung, zum Projet de loi 8344 iwwer d'Accisen an d'Taxen, fir den Undeel u Biokraftstoffer a Brennstoffen an d'Luucht ze setzen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoosen opgedeelt: d'Rapportrice huet 10 Minuten, all Fraktiounen an all Sensibilitéit hu jeeeweils 5 Minuten, d'Regierung huet 10 Minuten. Et hu sech schonns ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Patrick Goldschmidt, den Här Franz Fayot, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Gesetzesprojet soll den Undeel vu Biocarburants am Treibstoff eropsetzen. Ursprünglech stoung dësen Text am Gesetzesprojet vun den Douzièmes provisoires fir d'nächst Joer. Well de Staatsrot sech awer dorunner gestouss huet, gouf beschloss, en eegene Gesetzesprojet fir dës Upassung vum Undeel vun de Biocarburants ze maachen.

Dës Upassung geet och op de Plan national intégré en matière d'énergie et de climat zréck, de sougenannte PNEC. Dës PNEC gouf vun der viregter Regierung am Summer vun dësem Joer ugepasst. Den Transportsektor soll zu Lëtzebuerg bis 2030 18 % erneierbar Energien a sengem gesamten Energieverbrauch hunn. Den Undeel vu Biocarburants soll 2030 bei 10 % leien. Fir op der richteger Trajectoire ze bleiwen, gesäit dës Gesetzesprojet Follgendes vir:

Den Undeel vu Biocarburant soll vun 8 op 8,4 % eropgesat gi fir den 1. Januar 2024. Den Undeel vu sougenannten avancéierte Biocarburants soll vun 0,2 % op 0,4 % eropgesat ginn. Hei ass d'Trajectoire 1 % fir 2025 an 3,5 % fir 2030. Den Undeel vu Biocarburanten, deenen hir Produktioun en Impakt huet op d'Affektatioun vum Buedem, soll op 2 % begrenzt ginn.

Här President, de Staatsrot huet keng Remarken zu dësem Gesetzesprojet gemaach. D'Chambre de Commerce hat an hirem Avis zu dem Douzièmes provisoires drop higewisen, dass duerch dës Gesetzesprojet den Treibstoff méi deier gëtt, an doduercher och d'Mobilitéit an den Transport vun de Gidder. Mee si versteet awer och, dass d'Trajectoire bis 2030, esou wéi vum PNEC virgesinn, soll agehale ginn.

Voilà, an domadder wier ech scho fäerdeg. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An d'Wuert huet elo deen nächsten ageschriwwene Riedner an dat ass den Här Patrick Goldschmidt.

Discussion générale

M. Patrick Goldschmidt (DP) | Här President, et ass ganz am Sënn vun enger geuerdenter Transitioun, dass mat reegelméissegem a previsibelen a maachbaren Etappen a Richtung null Nettoemissionen geet. An d'Rapporterin huet alles am Detail erkläert, déi dräi Tauxen, déi geännert ginn. An an deem Sënn gëtt ons Fraktioun hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech och ganz kuerz faassen: Eis Fraktioun ënnerstëtzt dës Projet.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Den Undeel u Biotreibstoff soll eropgoen op 8,4 % beim Bensinn, beim Diesel. An dat huet net nëmme gutt Suiten. Et muss ee soen, dass en Deel vun deem Undeel, deen dann do beim Spritt soll bäigemëscht ginn, och zum Beispill aus der Liewensmittelproduktioun kënnt. An ech mengen – fir de e Slogan vu Greenpeace ze widerhuelen, déi gesot hunn –: „Liewensmittel gehéieren net an en Tank!“

Ech mengen, bei sou Problemer kann ee sech dach awer e bësse froen, firwat dat heite sou staark begréisst gëtt. Och wann ee wierklech de Bilan kuckt vum CO₂, da falen engem eng Partie Saachen op. Elo kann een natierlech soen, mir planzen eng Planz un, déi wiisst, déi speichert CO₂, an déi gëtt deen CO₂ dann erëm fräi, wa se verbrannt gëtt, dann hu mer eng Null-auf-Null-Rechnung, déi dann opgeet.

Dat kann ee sou soen, mee et muss een awer och bedenken, dass dat, fir dass déi Planze wuessen, guer net sou einfach ass, dass een do eng ganz Produktiounskette brauch vun der Planz bis un d'Tankstell. Dat sinn déi Maschinnen, déi an der Landwirtschaft gebraucht ginn, dat ass d'Produktioun vu Stéckstoffdünger an aner Dünger a sou weider. Alles dat produzéiert och vill CO₂, sollt een net vergiessen. An dann och d'Weiderveraarbechtung da vun der Planz bis et dann zu Ethanol gëtt, och dat verursaacht vill CO₂,

soudass Greenpeace dann och seet: „De positive Bäitrag vu Biospritt ass ganz, ganz, ganz geréng!“

Dann hu mer nach do derbäi d'Zerstéierung vum Urwald a soss natierlech Landschaften, eebe grad fir den Ubau. A wa mer den Ubau net grad do maachen, wou fréier Urwald war, dann ass et awer oft sou, dass aner Produktiounen da verluicht ginn an den Urwald, wann traditionell Felder benotzt ginn, eebe fir Biotreibstoff ze produzéieren.

Letztendlech kann een also soen, dass d'Risiko beim Biospritt oder beim Agrarspritt net ganz geréng sinn: Mir hu Risiken, dass d'Präisser vun de Liewensmittelen eropginn; mir hunn e Risiko, dass d'Präisser fir de Spritt eropginn; mir hunn e Risiko, dass d'Natur zerstéiert gëtt, an d'Aspuere vun CO₂ ass ganz geréng. An dofir kënne mir hei als ADR dësem Projet net zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Keup Merci. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, et ass scho schéin, ze gesinn, dass d'Aspuere vum CO₂ méttlerweil hei jiddwerengem am Sall Gedanke mécht. Mir wäerten dee Projet natierlech matstëmmen, et ass en Deel vun der Ëmsetzung vum PNEC. Ech wollt och dem Finanz- an dem Wirtschaftsminister Merci soen, dass se dat awer nach séier elo aus dem Budget provisoire erausgeholl hunn an hei eragesat hunn no där Remark vum Staatsrot. Well u sech de PNEC et esou gerechent huet, dass et vum 1. Januar u sollt gëllen. Dat heescht, wa mer elo hei e Retard kritt hätten, da wier dat Zil vläicht e bëssen a Fro gestallt. Dofir ass dat heiten elo eng gutt Saach, dass dat sou séier konnt iwwer d'Bün goen. Merci dofir an d'Zoustëmmung deene Gréngen hutt Der och. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, am nächste Joer soll de Prozentsaz u Biodreifstoff am normale Bensinn oder Diesel op 8,4 % eropgoen op 8 %. Also, et muss een dat ëmmer a Relatioun setzen. An éischter Linn héiert sech dat emol e bësse positiv un, et ass jo am PNEC virgeschriwwen, virgeschloen ginn. Et setzt een och manner op fossill Brennstoffen, och dat grundsätzlech gutt. Mee déi Biodreifstoff, déi stinn awer zum Deel – an och zum Deel zu Recht! – an der Kritik.

Biodreifstoff gëtt als Alternativ zu de fossille Brennstoffen gesinn, d'Hierstellung vu Bioethanol ass awer contestéiert, well ee fir d'Hierstellung Planze wéi Raps, Soja oder Palmueleg brauch – an dat net a geréng Mengen, mee a grouss Mengen! D'Kommissioun huet 2019 dofir decidéiert, dass den Asaz vum Palmueleg, fir Bioethanol ze maachen, bis 2030 op Null soll gefuer ginn. Si huet festgehalten, dass d'Palmuelegproduktioun zu enger Ofholzung vu Bëscher féiert. Also, dat soen net ech, ech soen et zwar och, mee dat huet d'Kommissioun gesot – an d'Kommissioun ass net grad dofir bekannt, dass se ëmmer déi ambitiëste Klimaziler an der rezenter Vergaangenheet gesat huet.

An dofir, seet d'Kommissioun, därer en net als Wee fir d'Ëmsetzung vun de Klimaziler benotzt ginn. Ok. Dann denkt ee sech, Lëtzebuerg, mir si First Mover, mir sinn e gudder Schüler, wann et ëm Klimaziler geet, mir si besser wéi de Rescht. Schonns haut ass Lëtzebuerg – an do si mer richtig – méi streng wéi déi aner Länner an der EU. Mir hunn nämlech am Moment e